

Claudine Muno

Grouss Vakanz

Iwwert d'Lëtzebuergesch liesen

Dat éischt Lëtzebuerges Buch, dat ech richteg an de Butték kafe gaange sinn an dono och wierklech gelies hunn, war dem Guy Rewenig säin *Hannert dem Atlantik*. Ech hat et a mengem Rucksak wéi ech am Summer 2002 mam Zuch vu San Francisco op New York gefuer sinn.

Ënnerwee ware bal keng Touristen, nëmmen Amerikaner, zum gréissten Deel Cowboyen, richteger, mam Hutt an de Stiwelen, déi wahrscheinlech hiert Päerd ënnerwee verluer haten, oder Amish-Familljen, déi sech beim Zwëschestopp zu Chicago an der Gare mat BigMacen agedeckt hunn.

Wat ech deemols nach méi spannend fonnt hunn, wéi dem Guy Rewenig seng Geschicht iwwert de Kiwelsmännchen Jempi Medinger, war déi absurd Situatioun u sech. Matzen an de Rocky Mountains war een e beemol awer iergendwéi zu Diddeleng.

All Kéier wann ech an deene véier Deeg an den Dining Car gaange sinn, dann hunn ech *Hannert dem Atlantik* op mengem Sätz leie gelooss. Ech hu mer virgestallt, dass e Cowboy et géif klauen oder en Amish an onbedengt wësse wéilt wat an deem Buch sténg. An dann doheem probéiere géif den Text z'entzifferen an sech Froe stelle géif iwwert dat Land, "hannert dem Atlantik". Et wäer mäi Bäitrag gewiescht fir d'national Literatur z'exportéieren. A wann och nëmme bis an den Nebraska.

Ech hätt och Loscht gehat, fir dem Guy Rewenig säi Buch aus der Fënster ze geheien, wann d'Fënsteren dann opgaange wäeren, mee et gouf eng Klima-

anlag, a wee brauch frësch Loft wann déi aus der Béchs esou gutt kal ass? Et am Nevada an d'Wüst ze geheien oder an de Mississippi bei déi Fësch, déi schonn de Jeff Buckley gefriess hunn.

Souvill wéi an deene puer Deeg hat ech nach ni iwwer Lëtzebuerg nogeduecht. Bis dohin hunn ech einfach do geliewt an alles ronderëm war einfach ëmmer do - ech mengen duerch dem Rewenig säi Roman hunn ech d'Land awer fir d'éischte Kéier richteg gekuckt.

**Wann een sech d'Lëtzebuerges
Literatur ukuckt oder
d'Lëtzebuerges Filmer, da kritt
d'Gesellschaft vun haut nëmme
ganz seelen de Spigel virgehaal.**

Ech kann net soen, ob zu Lëtzebuerg vill lëtzebuergesch Bicher gelies ginn. Heiansdo hunn ech d'Gefill, dass nëmme weineg Leit sech e Buch vun engem Auteur vun hei kafen, wann se am Buttek stinn an d'Wiel hunn, tëscht engem däitsche Bestseller iwwert dee grad vill geschwat gëtt an engem lëtzebuerges Roman. Wéi ech am Lycée war oder op der Uni, do wäer et de Schüler oder Studenten ni agefall e Buch op Lëtzebuergesch ze liesen. Eischtens well de Stonneplang souwisou keng Zäit léisst fir sech nach fir eppes anescht z'interesséieren wéi d'Béchsmatière. An zweetens, well een och net wierklech virwëtzig gemaach gëtt. Wou ech am Lycée war, do hate mir op 7e ee Joër Lëtzebuergesch an dono hu mir ni

méi eppes dovun héieren. An dat war nëmme Grammatik, well Literaturgeschicht stung ni um Stonneplang. Ech si sécher keng Verfechterin vum nationale Kulturpatrimoine, mee wann ech ugefaangen hunn mech fir en auslänneschen Auteur ze interesséieren, da war et well mer en Text vun him an d'Hänn gefall ass an ech onbedengt méi wollt liesen. Mee wann een net wéinstens an der Schoul eng Basis kritt, da wees ech net wou ee sollt ufänken. D'Situatioun ass am Moment amgang, sech e bëssen ze änneren, mee eng gläichwäerteg Plaz zum Franséischen an Däitschen oder Engleschen wäert d'Lëtzebuergesch Literatur wahrscheinlech ni kréien. Lëtzebuergesch Literatur ass natierlech net automatesch op Lëtzebuergesch, an déi éischt Schwierigkeet beim Liesen op Lëtzebuergesch ass mol net "Wéi liesen ech dës Sprooch, mat där ech am Fong an hierer geschriwwener Form bal ni konfrontéiert sinn?", mee "Wou soll ech ufänken a wat liesen ech iwwerhaupt?"

Wéi ech iwwert d'Thema "Liesen op Lëtzebuergesch" nogeduecht hunn, si mer fir d'éischt lauter Widderspréch an de Kapp komm. Sou zum Beispill, dass d'Effentlechkeet eréischt wierklech ugefaangen huet Notiz vun deem ze huele wat ech schreiwen, zënter ech et op Lëtzebuergesch schreiwen. Mee dass ech zënterhier awer och ëmmer erëm gefrot ginn, wéini dass ech dann endlech erëm op Däitsch oder Franséisch schreiwe

*Claudine Muno ist Schriftstellerin und Kulturredakteurin bei der Wochenzeitung Woxx. Eine Bibliographie ihrer Schriften finden sich unter:
<http://www.cnl.public.lu/auteurs/ecrivains/muno-claudine/>*



Bibliothèque Max Goergen (© Jean-Marie Reding)

géif, well d'Literatur op Lëtzebuergesch jo wéinst der Gréisst vum Land an der Lierschaft zum Provinzialismus verdaamt ass.

Komesch ass och, dass an de meeschte Literaturbäilagen vun den Zeitungen Lëtzebuergesch absolut net stattfënn an national Publikatiounen just beschwat ginn, wann se op Franséisch oder Däitsch sinn. An et muss ee scho mëll sinn, wann een déi genial Idee fir e Roman oder en Theaterstück huet an et schreift een et op Lëtzebuergesch a muss dann hoffen, dass sech ee fënn fir et z'iwwersetzen.

„Jo, Joffer“, sot eng Fra zu mir, no engem Concert wou ech op Englesch gesungen hat, „mir hätten awer gäer verstanen wat dir do gezielt hutt.“ Heiansdo froen ech mech: Welle mer dat wierklech? Mam Lëtzebuergesch liesen ass et e bëssche wéi mat lëtzebuergesch Filmer an de Kino kucke goen. Egal, wann et an eiser Sprouch ëm eis geet, da kréie mer e Spigel virgehale. Heiansdo ass dat agréabel, wéi zum Beispill bei engem *Heim ins Reich*, deen eis sou weist, wéi mir eis am allerléifste gesinn. D'selwecht war et beim Andy Bausch sengem *Club des chômeurs* - e Land voller Kollegen, wou ee Futtball spillt a freier mol op der Schmelz geschafft huet. Dat sinn sech 40.000 Leit ukucke gaang. D'*Revanche* dogéint wollten nëmmen nach knapps 10.000 Leit gesinn. An dat hat sécher net alléng eppes mat de schlechte Kritiken ze dinn, där huet et jo och schons déi éischte Kéier gereent, mee och domat dass dee Film e Bild vu Lëtzebuerg gewisen huet, dat méi no un der Realitéit vun haut ass an dat deene meeschte Leit net gefällt.

Wann een sech d'Lëtzebuenger Literatur ukuckt oder d'Lëtzebuenger Filmer, da kritt d'Gesellschaft vun haut nëmme ganz seelen de Spigel virgehaal. Vlächent ännert sech dofir hei esou wéineg, well mer eis ni dozou verleede loosse iwwert eis selwer ze reflektéieren.

Ech hätt *Hannert dem Atlantik* wierklech gäer engem geschenkt an Amerika, fir ze weisen, dass et hei net nëmme Geldwäscherei ginn, mee och en intellektuell Liewen, wann een dat sou nenne kann, dat derwäert ass, dass een sech dermat ausernee setzt. Dofir liesen ech am Fong gär Lëtzebuergesch, well ech wëll, dass ee mer de Spigel virhält, fir ze kucken, ob ech mech dran erëmkennen.



Bibliothèque publique régionale Ville de Dudelange

Öffnungszeiten

Dienstag	9-11.30	14-18
Mittwoch		14-17
Donnerstag	9-11.30	14-18
Freitag		14-17
Samstag	9-11.30	14-17
Montags geschlossen		

Einschreibung

für Erwachsene	12,5 E im Jahr
	1,2 E im Monat
für Jugendliche	6,2 E im Jahr
	0,6 E im Monat

Ausleihe: bis zu 4 Büchern oder Zeitschriften - **Dauer** : 4 Wochen

Verlängerung: 2 Wochen, auch per Telefon

Internet: 4 Posten für eingeschriebene Leser - **Lesesaal**

Belletristik auf Deutsch, Französisch und Englisch, Geographie und Geschichte, Ratgeber, Sport, Sozialwissenschaften, Naturwissenschaften, Umwelt, Psychologie, Philosophie und Religion, Kinder- und Jugendbücher, Kunst, Enzyklopädien.

On-line Suche

ELICA (<http://www.dudelange.lu>) in der Rubrik "Bibliothèque publique régionale".
Vollständiger Katalog der Düdeler Regionalbibliothek

BibNET.LU (<http://aleph.etat.lu>)

Verbundkatalog der luxemburgischen Nationalbibliothek und 18 anderen öffentlichen luxemburgischen Bibliotheken mit etwa 400.000 Titeln.